



**GEMENG  
SANDWEILER**

Dossier suivéiert vum

Schäfferot ☎ 359 711-207

✉ [college.echevinal@sandweiler.lu](mailto:college.echevinal@sandweiler.lu)

CSV Sandweiler

Madamm Simone Massard-Stitz

Här Romain Dumong

Här Jean Lemmer

Sandweiler, den 10. Abrëll 2025

**Betrëfft : Är Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 11. Februar 2025**

**Eis/Ref. : CSV - 2025.02.11 - CE**

**Är/Ref. : Courrier vum 7. Februar 2025**

Madamm Massard-Stitz,  
Här Dumong,  
Här Lemmer,

Heimadde schécke mir lech d'Äntwerten op Är Froen déi Dir un de Schäfferot hat an der Gemengerotssëtzung vum 11. Februar 2025.

**Fro 1:**

«Am Bezuch op e Bréif un CSV Conseilleren, datéiert 03.02.25, vum Innenminister [sic] Léon GLODEN betreffend dem Finanzexpert froe mir lech ob de Schäfferot mam Expert e Confidentialitéitsaccord ofgeschloss sou wéi vum Minister geroden? Wann jo, kennt Dir ons an dem Personal dee w.e.g. zoukomme loossen? Wann net, plangt de Schäfferot sou en Accord sou séier wéi méiglech ze ënnerschreiwen?»

Laut deem Bréif huet de Minister de Schäfferot gefrot fir him eng Oplëschtung vun de Missiounen zoukommen ze loossen, déi de Finanzexpert fir d'Gemeng Sandweiler ausgefouert huet, respektiv ausféiert oder ausféiere wäert. Kënnt Dir ons déi Missiounen, sou wéi se och dem Minister geschéckt goufen, am Detail opzielen?»

**Äntwert:**

De Schäfferot ass iwwerrascht, dass Dir lech op e "Bréif un CSV Conseilleren, datéiert 03.02.25, vum Innenminister [sic] Léon GLODEN" referéiert.

Dem Schäfferot ass dëse Bréif zu dësem Zäitpunkt total unbekannt.

Dohir hutt Verständnes, dass de Schäfferot net op déi Fro do kann äntweren !

Claude Mousel,  
Schäffen

De Schäfferot,

Jacqueline Breuer,  
Buergermeeschtesch

Corine Courtois,  
Schäffin